



Gemeinsam Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 6562 vum 27. Juli 2022 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser a Fred Keup

Ad 1.

Am Oktober 2020 ass eng legislativ Prozedur initiéiert ginn, mam Zil der Supervisioun vun der "Aviation étatique" eng legal Basis ze ginn. Dës ëmfaasst "*d'Loftaktivitéite vu staateleche Fligeren, déi dem Staat gehéieren oder zur Verfügung gestallt sinn an exklusiv op Missiounen vun ëffentlechem Interessi zougewise sinn*". Dozou gehéieren zum Beispill d'Loftaktivitéite vun der Police Grand-Ducale.

Ët gëlt hei op d'Bestëmmunge vum Gesetzprojet 7680 ze verweisen, fir deen de Staatsrot den 14. Juni 2022 säin zousätzlechen Avis ginn huet.

D'Ausschaffe vun enger legaler Basis ass eng Viraussetzung fir all Encadrement an Amenagement vun den Aktivitéite vun enger "Aviation étatique". Dës legal Basis soll op d'Besoinen vun der Police zugeschnidde sinn, ouni den Niveau vun der Sécherheet vun der ziviller Loftfaart ze beaflossen. Aktuell sinn déi eenzeg applicabel Reegelen, déi allgemeng Reegele vun der internationaler ziviller Loftfaart nom Artikel 1 vum modifizéierte Gesetz vum 31. Januar 1948 "*relative à la réglementation de la navigation aérienne*".

Ad 2.

Am Moment huet d'Police eng permanent Autorisatioun fir ausserhalb vum Fluchhafen ze landen an ze starten, déi de Normen vun der ziviller Loftfaart ënnerläit. Dës Landungen oder Departen sinn aus Fluchsécherheetsgrënn op e strikt noutwenneg Minimum reduzéiert. Eng Landung an e Start "*off-Airport*" sinn aussergewöhnlech Loftverkéiermanöver wéinst dem méi héije Risikoniveau.

D'Landungen an d'Starten ausserhalb vum Fluchhafen oder engem Fluchfeld si rechtméisseg am Fall vun enger bewiesener oder erwaarter Gefor (z.B. fir d'Liewe vun enger Persoun), wéi och fir den Training am Zesammenhang mat esou Operatiounen. Dës Landeplazen an hir Ëmgéigend mussen eng gewëssen Unzuel u Critèren erfëllen, déi d'Sécherheet souwuel vun Drëtten um Terrain, wéi och vun de Leit an den Helikoptere garantéieren. Si mussen fräi si vun all Objet, dee méiglecherweis duerch de Loftdruck vun de Rotoren opgehewe kéint ginn (zum Beispill den Iwwerdaach vun den Tankstellen, asw.).

Mat der zukünftiger Adoptioun vum Gesetzprojet n°7680 existéiert och eng gesetzlech Basis fir déi spezifesch Besoinen vun der Police Grand-Ducale a Saache Landung ausserhalb vum Fluchhafen oder engem Fluchfeld ze reegelen.

Ad 3

D'Thematik vun de Landunge vun den Helikoptere gouf a verschidde Reuniounen tëschent der Police an dem Ministère fir Bannenzeg Sécherheet ugeschwat fir eng zefriddestellend Léisung am Sënn vun der Sécherheet vum Land ze fannen.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet ass awer net kompetent fir de legale Kader vun der Aviatioun. Dowéinst gëtt mat de kompetenten Acteuren zesumme geschafft fir de néidege legale Kader en Place ze setzen deen der Police eng Notzung vun den Helikopteren am Kader vun de verschiddene Policemissiounen erlabe soll a gläichzäiteg déi néideg Sécherheitsgarantië gëtt fir déi zivil Aviatioun.

Ad 4.

De Gesetzesprojet n° 7680 wäert déi gesetzlech Basis fir d' "Aviation étatique" am Grand-Duché duerstellen. Duerno ginn d'Loftfaartaktivitéite vun der Police um reglementaresche Niveau no hire spezifesche Besoine geregelt. Dësen Encadrement baséiert op permanentem Austausch tëscht dem Ministère fir bannenzeg Sécherheet, dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, der Police Grand-Ducale an der Direction de l'Aviation civile (DAC). De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten viséiert nach dëst Joer déi néideg Texter ze déposiere fir déi Police-spezifesch Detailer unzegoen.

Lëtzebuerg, den 13. September 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX